ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Aus de Medie gi mir gewuer, datt en Institut "IREDI" (Institut de Recherche, d'éducation et de dialogue interculturel) zu Diddeleng en "Observatoire de l'islamophobie" gegrënnt huet. An der Dageszeitung *Journal* vum 3. Januar gi Vertrieder vun dësem Institut mat dësen Aussoen zitéiert:

"*Mais l'Observatoire constate entre autres que des politiciens «notamment ceux des partis d'opposition, dépourvus d'idées nouvelles et progressistes, se voient opter pour un populisme futile pour ainsi gagner la faveur d'un certain nombre d'électeurs de droite». La loi sur une éventuelle interdiction du niqab est d'ailleurs qualifiée comme une tentative de restriction de libertés qui prendrait pour cible «des minorités au sein d'une minorité».*"

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Staatsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Rechtsform huet den Institut IREDI, respektiv den Observatoire de l'islamophobie?
2. Kréien den Institut oder den Observatoire staatlech Subventiounen?
3. Huet dësen Institut, respektiv dee genannten Observatoire, Kontakter zu staatlechen Organer? Wéi stellt sech d'Regierung zu der Méiglechkeet vu Kontakter tëschent deem Observatoire a staatlechen Organer, inklusiv dem Zentrum fir politesch Bildung?
4. War d'Regierung am Viraus informéiert iwwer d'Grënnung vun deem Observatoire?
5. Wéi beuerteelt d'Regierung dësen Observatoire a seng Intentiounen? Weess d'Regierung eventuell vu Kontakter tëschent dësem Observatoire oder senge Mataarbechter a radikal-islamisteschen Organisatiounen?
6. Gesäit d'Regierung duerch d'Aktivitéite vun deem Observatoire eng méiglech Gefor fir d'Meenungsfräiheet zu Lëtzebuerg?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

7. Wëllt d'Regierung et deem Observatoire eventuell erlaben, Enquêten, Virträg, Ausstellungen oder aner Aktivitéiten a staatlechen Institutiounen, wéi z.B. Schoulen, ze organisiéieren?
8. Ass d'Regierung mat där Beuerteelung averstanen, datt e Verbuet vum Niqab eng "tentative de restriction de libertés" wär, "qui prendrait pour cible «des minorités au sein d'une minorité»?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten